



N° 6479
Reçue le 13.07.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 14.07.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/07/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.

Am Policegesetz vum 18te Juli 2018 gouf mam Artikel 38 de *Comité de Prévention communal* geschaf. Dëse Comité ass dofir do, fir de permanente Kontakt tëschent der Police an der Gemeng ze verbesseren, fir dass d'Informatiounen tëschent béiden Institutiounen besser fléisse kënnen.

Den Artikel 38 erlaabt, dass nieft dem Buergermeeschter och Schäfte a Gemengeconseillere kënnen am Comité vertrauede sinn. Wärend de Buergermeeschter duerch d'Gesetz een direkt Urecht op ee Sëtz am comité huet, hänkt et bei deenen anere Membere vun de Gemengevertrieder dovunner of, ob dat am Interessi vum Buergermeeschter ass, well de Wuertlaut vum Artikel beseet: "*les échevins ou conseillers communaux éventuellement désignés par les bourgmestres*".

Esou kënnt et vir, dass verschidde Gemenge guer keng Vertrieder vun der Opposition eraloossen, wärend aner Gemenge méi demokratescht Verständnis beweisen.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Comités de prévention communal existéieren zur Zäit hei am Land?
2. A wéi ville Comitéë si Gemengeconseillere vertrauede a wéi vill sinn et der insgesamt?
3. Wéi vill vun de Gemengeconseillere, déi an an dëse Comitéë vertrauede sinn, gehéieren net enger Majoritéit an engem Gemengerot un (ausgehend dovunner, dass se aus enger Proporz-Gemeng stamen)?
4. Wéi eng Méiglechkeeten hunn d'Membere am Gemengerot, fir kënnen Vertrieder am Comité de prévention communal ze ginn?



www.piraten.lu

5. Hunn d'Memberen am Gemengerot een Informatiounsrecht op d'Inhalter a Rapporten, déi am Comité de prévention communal beschwat ginn ?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc

Député

